N°3761
Entrée le 12.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.03.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem krut e Patient eng Convocatioun fir eng IRM-Ënnersichung vum Centre hospitalier du Nord. Dës Convocatioun war op Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch verfaasst, awer net op Lëtzebuergesch. En anere Patient krut eng Reklamm *("Prenez rendez-vous chez votre dentiste pour votre enfant")* vun der Direction de la Santé / Division de la médecine scolaire et de la santé des enfants et adolescents, déi, grad wéi déi mentionéiert Convocatioun, op Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch verfaasst war, awer net op Lëtzebuergesch.

An dësem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Entsprécht et der offizieller Sproochepolitik vun der Lëtzebuerger Regierung, dass Terminconvocatiounen a Reklammen am Gesondheetswiesen just op Franséisch, Däitsch, Englesch (keng Verwaltungssprooch) a Portugisesch (keng Verwaltungssprooch), awer net an der Landessprooch verfaasst ginn?
2. Geet d'Regierung dervun aus, datt eng lëtzebuergesch Versioun vun Terminconvocatiounen a Reklammen net néideg ass fir de Lëtzebuerger Mammesproochler? Wa jo, aus wéi enge Quelle speist sech dës Vermuddung vun der Regierung?
3. Plangt d'Regierung Moossnamen, fir sécherzestellen, datt an Zukunft all Terminconvocatioun a Reklamm am Gesondheetswiesen och op Lëtzebuergesch verfaasst gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert